PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/03/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.

An mengen leschten dräi Question parlementairen wollt ech méi Informatiounen zu der Juegd op d'Muffelen am Iechternacher Bësch an an den aneren Géigenden vum Land, wou dës Déieren liewen, hunn. De Weekend vum 29. Februar huet eng Juegd op d'Muffelen stattfonnt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Muffelen goufen säit dem 29. Februar op de Juegten bei Iechernach dout gemaach ?

2. Goufen bei dëser Juegd och weiblech Muffelen geschoss ? Wa jo, wéi vill a wéi vill dovun hunn zu deem Zäitpunkt Klenger am Bauch gehat ?

3. Wat ass mat de rechtlechen Muffelen, ginn déi konsequent weider gejot? Wa jo, ënnert wéi enger Form vu Juegd soll dat stattfannen a vu wéini bis wéini ?

4. Madamm Ministesch, wat passéiert mat de Kadaveren vun den doutgemaachten Muffelen ? Ass geplangt d'Fleesch weider ze verwäerten ? Wa nee, firwat net ?

5. Dir schreift an ärer Äntwert op d'Question parlementaire n° 1746, datt d'Muffelproblematik ee juegdleche Problem ass an deemno och sollt als solchen betruecht ginn. D'Afänken ass ärer Äntwert no gepréift ginn, ma ass weiderhin keng Optioun, ausser d'Joen géif « aus wat vir Grënn och ëmmer net funktionéieren ». An deem Fall wier d'Afänken « duerchaus eng Méiglechkeet ». Wat ass d'Fazit vun der rezenter Juegd an réckt an ären Aen d'Optioun vum Afänken elo méi no ?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député